INFPC
Institut national
pour le développement
de la formation
professionnelle continue

Luxembourg, le 26 septembre 2019

# Pressecommuniqué

## Den Diplom - en Atout fir d'berufflech Insertioune

*De Formatiouns-Observatoire, e Pôle d'activité vum INFPC, veréffentlecht déi lescht Resultater vun der Längsschnittstudie TEVA, Iwwergang Schoul - Beruffsliewen. Déi analyséiert Donnéeë bezéie sech op 1257 jonk Leit, déi am Kader vun der berufflecher Éischtausbildung während dem Schouljoer 2013/2014 e komplette Parcours ofgeschloss haten, an déi an den éischten dräi Joer no hirem Astig an d'Beruffsliewe bis an d'Joer 2017 suivéiert goufen. D'Ënnerscheeder um Carrièresufank vun dëse Jonke ginn am Kontext dovun ënnersicht, ob si hiren Diplom kruten, éier si an d'Beruffsliewen erageklomme sinn, oder net.*

**De schouleschen Erfolleg ass de Schlëssel zu engem gelongenen Accès zum Aarbechtsmaart**

57 % vun den Diploméierte fannen direkt no der Schoul eng Aarbecht, bei den Net-Diploméierte sinn et 41 %. Déi Diploméiert kumuléieren an der Moyenne 28 Méint Schaffzäit an de 36 Méint, nodeem si d'Schoul verlooss hunn; deen Zäitraum läit bei den Net-Diploméierte bei 22 Méint.

Dräi Joer no der Schoul hunn 83 % vun den Diploméierten eng Aarbechtsplaz, bei den Net-Diploméierte sinn et 68 %. Déi Net-Diploméiert sinn zwee Mol méi heefeg vun engem Aarbechtsvertrag à durée déterminée betraff wéi déi Diploméiert.

**Chancëgläichheet bei den diploméierte Männer a Fraen?**

An den éischten dräi Joer, nodeem si mat der Schoul fäerdeg sinn, ass den Undeel vun diploméierte Männer, déi eng Aarbecht hunn, ëmmer méi grouss wéi dee vun den diploméierte Fraen. Dräi Joer duerno schaffe 86 % vun den diploméierte Männer, bei den diploméierte Frae sinn et 79 %.

Deelzäitaarbecht ass bei den diploméierte Männer manner verbreet wéi bei den diploméierte Fraen (6 % géint 19 %, dräi Joer no der Schoul).

D'Remuneratioun vun den diploméierte Fraen ass dogéint mat där vun den diploméierte Männer vergläichbar.

**Bei der Insertioun um Aarbechtsmaart spillt den Diplom eng ausschlaggebend Roll**

D'Titulairë vun engem DAP / CATP si privilegiéiert. 68 % vun hinne fannen direkt no der Schoul eng éischt Aarbechtsplaz, bei den Titulairë vun engem CCP / CCM läit dëse Prozentsaz bei 55 % a bei den Techniciens diplômés (DT) bei 33 %.

Iwwer d'Hallschent vun den Titulairë vun engem DAP / CATP an engem CCP / CCM ginn op hirer éischter Aarbechtsplaz mat engem Contrat à durée indéterminée (CDI) agestallt, bei den Titulairë vun engem DT läit dësen Undeel liicht iwwer engem Drëttel.

**Établissement public**
Immeuble CUBUS C2
2, rue Peternelchen
L-2370 Howald

T + 352 46 96 12-1
infpc@infpc.lu
www.infpc.lu
www.lifelong-learning.lu
infoligne 26 20 40
BILLLULL
LU08 0024 1397 8870 0000
TVA LU 1569 7467
Matricule 1993 5200 019
R.C.S. Luxembourg J46

Dës lescht Kategorie huet e bësse méi Schwieregkeeten am Ufank vun hirem Parcours, rattrapéiert sech awer am Laf vun der Zäit. Esou klëmmt den Undeel vun den Titulairë vun engem DT, déi eng Aarbechtsplaz hunn, am Laf vum éischte Joer no der Schoul vun 33 % op 70 %. Des Weidere klëmmt den Undeel vu CDIe bei den erwerbstätegen Titulairë vun engem DT bannent dräi Joer ëm 31 Prozentpunkten.

Dräi Joer, nodeem si mat der Schoul fäerdeg sinn, hu 86 % vun den Titulairë vun engem DAP / CATP eng Aarbechtsplaz, géint 79 % respektiv 73 % vun den Titulairë vun engem DT an engem CCP / CCM. Bei dëser leschter Kategorie geet ee vun zéng Jonken nees zeréck an d'Schoul.

Néng vun zéng Titulairë vun engem DAP / CATP hunn e Contrat à durée indéterminée, géint 77 % vun den Titulairë vun engem DT a 75 % vun den Titulairë vun engem CCP / CCM.

**D'berufflech Insertioun vun deene Jonken, opgespléckt no Handwierk a Beruff**

All dës Erfollegsfacteuren an Ongläichheeten, déi um Niveau vun der berufflecher Insertioun festgestallt goufen, mussen am Kontext vum Handwierk oder vum Beruff, op dat bzw. deen déi Jonk während hirer Formatioun higeschafft hunn, moderéiert ginn.

Den interaktiven TEVA-Barometer dokumentéiert den Zougang zu der Aarbecht jee no Handwierk a Beruff opgrond vu 17 Indikateuren (www.teva-barometre.lu). E baséiert op der Analys vum Parcours vu 5 892 diploméierten "Primo-sortants" vun der berufflecher Éischtausbildung iwwer sechs Generatiounen, tëschent de Schouljoren 2008/2009 an 2013/2014.

**Contact presse**
INFPC I Cathia Gromczyk I Responsable communication
cathia.gromczyk@infpc.lu I T +352 46 96 12-221

**D'TEVA-Etüd**

D'Etüd iwwert den Iwwergang vun der Schoul an d'Beruffsliewen (Transition École - Vie Active (TEVA)), déi de Formatiouns-Observatoire duerchféiert, gëtt Opschloss iwwer den Ufank vun der Carrière vu Schüler vun deem Ament un, wou si aus der Schoul raus sinn.

Déi lescht TEVA-Resultater bezéie sech op de Parcours, bis an d'Joer 2017, vun insgesamt 1 257 vun 2 652 Jonker, déi am Schouljoer 2013/2014 e kompletten Zyklus am Kader vun der berufflecher Éischtausbildung ofgeschloss hunn.

Déi Jonk, déi bei der Etüd erfaasst goufen, si manner wéi 25 Joer al a verloossen eng éischte Kéier d'Welt vun der Educatioun an der Formatioun, fir den Aarbechtsmaart ze betrieden. Si ginn als "Primo-sortants" bezeechent. Ënnert dëse Jonken hu 66 % eng Formatioun matgemaach, déi zu engem Diplôme d'Aptitude Professionnelle oder engem Certificat d'Aptitude Technique et Professionnelle (DAP / CATP) féiert. 27 % hunn eng Techniker-Formatioun gemaach (DT) a 7 % eng Formatioun, déi mat engem Certificat de Capacité Professionnelle oder engem Certificat de Capacité Manuelle (CCP / CCM) ofschléisst. 87 % vun hinnen hunn hir Formatioun mat Succès ofgeschloss, an 13 % hunn den Examen net gepackt. Den Undeel vu Frae bei den Diploméierte läit bei 40 %.

**Iwwer den INFPC**

De Formatiouns-Observatoire ass e Pôle d'activité vum Institut national pour le développement de la formation professionnelle continue (INFPC). Den INFPC ass en Etablissement public, deen dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ënnerstallt ass. Seng Haaptmissioun besteet an der Färderung vum Liewenslaange Léieren.

infpc lifelong-learning.lu observatoire de la formation